ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Mäerz 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend parlamentaresch Fro** (Art. 81) un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

D'Press mellt, datt de franséischen Europa- an Ausseminister, während enger Froestonn am Senat, sech als Objektiv ginn huet, datt en Deel vun der Lounsteier, déi déi franséisch Frontalieren zu Lëtzebuerg bezuelen, misst "zréck" u Frankräich bezuelt ginn (... "un retour sur l'impôt sur le revenu ..."). Dëse Sujet soll schonns den 20. Mäerz zu Paräis op enger "conférence franco-luxembourgeoise" op d'Dagesuerdnung kommen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1) *Kann den Här Minister bestätegen, datt dës Reunioun den 20. Mäerz stattfënnt?*
2) *Steet de Punkt vum Opdeele vun de Steieren op der Dagesuerdnung vun dëser Reunioun?*
3) *Wa jo, zanter wéini huet d'Regierung Kenntnes vun dëser Demande säitens Frankräich?*
4) *Huet Frankräich am Virfeld vun där Reunioun Lëtzebuerg Dokumenter an Informatiounen zoukomme gelooss, wéi si sech dat virstellen, a wéi eng Reperkussiounnen hätt dat op eise Staatsbudget?*
5) *Wéi eng Haltung hëlt Lëtzebuerg zu dësem Thema?*
6) *Wa Lëtzebuerg net averstanen ass, d'Lounsteier mat Frankräich ze deelen, wéi eng Méiglechkeeten huet Lëtzebuerg dann, fir dëst ze verhënneren?*
7) *Ginn et ähnlech Fuerderungen aus der Belsch oder aus Däitschland?*

Mat déiwem Respekt,



Gast Gibéryen
Deputéierten